05/2024

# debulletin





## Editorial vum Patrick Remakel
Pressekonferenz
Rentrée syndicale SNE/CGFP 2024/2025

## Élections de la Commission scolaire nationale
Comment voter ?

## Éierung vu verdéngte Membere
beim SNE/CGFP

## Ried vum Patrick Remakel
Ouverture vun der LuxDidac 2024




Fir lech,
mat lech,
zesumme
méi staark!

ROOM
Luxembourg

**INDIVIDUELLE PLANUNG**

**BERATUNG**

**BEMUSTERUNG AUF WUNSCH**

**LIEFERUNG UND MONTAGE**

**SERVICE APRÈS-VENTE**



# KREATIVE RÄUME, KLAR GESTALTEN

Moderne Bildung erfordert flexible Lernumgebungen, die sich mühelos an unterschiedliche Unterrichtssituationen anpassen.
Mit einer durchdachten Raumgestaltung schaffen wir Orte, die Lernenden und Lehrenden die Freiheit bieten, ihre Umgebung dynamisch und bedarfsgerecht zu gestalten.



11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin 5/2024


02 Editorial vum Patrick Remakel
Pressekonferenz
Rentrée syndicale SNE/CGFP 2024/2025

10 Élections de la Commission scolaire nationale
Comment voter ?

16 Question parlementaire N° 872 :
Réaffectation des enseignants

20 Éierung vu verdéngte Membere beim SNE/CGFP

24 Ried vum Patrick Remakel
fir d'Ouverture vun der LuxDidac 2024

33 Rétrospective LuxDidac 2024

38 SNE Events
Bistrot littéraire « Claudine Muno: Text & Musek »

39 SNE Newsletter
Komm mat an de Kino !

# Éditorial

## Pressekonferenz

### Rentrée syndicale SNE/CGFP 2024/2025

#### 1. Begréissung

Dir Dammen an dir Häre vun der Press, et freet mech, Iech alleguerten am Numm vum SNE/CGFP op eiser Rentréespressekonferenz begréissen ze däerfen.

#### 2. Rentrée 2024/2025

Den SNE/CGFP huet Enn vum leschte Schouljoer nees seng Regionalversammlunge mat de Presidenten a Membere vun de Schoulkommiteeën aus de Grondschoulen ofgehal.

Dësen Austausch mat de Vertrieder vun de Schoulen an dem Léierpersonal ass fir den SNE/CGFP ganz wichteg, well hei all déi Themen ugeschwat ginn, déi bei den Enseignantë beim Schoulhalen an och an hirem Schoulalldag ganz uewe stinn.

An dëse Reunioune gëtt den SNE/CGFP gewuer, bei wéi enge Punkten de Schong dréckt, a wou et an eise Schoule brennt.

Thematiken aus de Regionalversammlunge sinn och d'Grondlag fir d'Erstellen vum SNE/CGFP sengem « Cahier des charges », dee mir amgaang sinn auszeschaffen, an dee mir geschwënn dem MENJE wäerten ënnerbreeden.

Dëse « Cahier des charges » wäert d'Situatioun an onse Schoule ganz genau beschreiwen an et fënnt een och do dem SNE/CGFP seng Haaptrevendicatiounen erëm.

An eise Schoule leeft nämlech net alles gutt, an et gëtt héich Zäit, dass endlech op d'Enseignantë gelauschtert gëtt an hir berechtegt Fuerderungen erfëllt ginn.

#### 3. « Cahier des charges » 2024

Mir wäerten eis haut op dëser Pressekonferenz op dräi vum SNE/CGFP sengen Haaptrevendicatioune beschränken a wäerten net am Detail op all Punkten aus dem « Cahier des charges » agoen. Des Weidere wäerte mir awer och op verschidden Aussoen, déi den Här Minister Meisch op senger Rentrées – Pressekonferenz gemaach huet, agoen, ënnert anerem den Handyverbuet an d'Alphabetiséierung op Franséisch.

**A)** Ee vun de Punkten, wou de Schong dréckt, ass nach ëmmer den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen, mat Verhalensopfällegkeeten oder mat spezielle gesondheetleche Besoinen. Mir si frou, dass de MENJE elo endlech erkennt, dass d'Inklusioun plazeweis u seng Limitte stéisst a mat dëser Ausso engem Constat vum SNE/CGFP méi no kënnt, dass d'Inklusioun op ganz ville Plazen un hir Grenze stéisst.

Fakt ass, dass an de leschte Joren d'Zuel u Kanner mat spezifesche Besoine staark geklommen ass.

Obwuel zwar och d'Ressourcen am selwechten Zäitraum eropgaang sinn, ass dat awer laang net an deem Mooss geschitt wéi sech d'Zuel u Kanner, déi eng spezifesch Betreiung brauchen, erhéicht huet.

D'Resultat dovunner ass, dass d'« Prise en charge » vun dëse Kanner op ville Plazen net zefriddestellend assuréiert ass an doduerch d'Qualitéit vum Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen sech weider verschlechtert huet.

Well d'Ressourcen hannert de Besoinen hannendrun, huet sech d'Situatioun fir d'Enseignanten um Terrain dramatesch zougespëtzt.




Trotz engem enormen Engagement an engem gewaltegen Asaz, geléngt et den Enseignanten net méi, deene Kanner, déi Ënnerstëtzung brauchen, esou ze hëllefen, wéi si sech et wënschen. Dat ass eng ganz frustréierend Situatioun, déi vill Enseignanten erschëpft.

Derbäi kënnt, dass et an eise Klassen ëmmer méi Kanner gëtt, déi verhalensopfälleg sinn, an dass dës Opfällegkeeten och ëmmer méi u Gravitéit zouhuelen.

Et gi mëttlerweil ëmmer méi Situatiounen, wou een eenzelne Schüler den normalen Unterrecht esou vill stéiere kann, dass en normaalt Schoulhale schwéier an a munche Fäll zäitweis esouguer onméiglech gëtt.

Dëst huet och negativ Repercussiounen op déi aner Schüler, déi awer och e Recht op eng « intakt » Schoulzäit an en ongestéierten Unterrecht hunn.

Net ze schwätze vun der psychescher a physescher Belaaschtung op d'Enseignanten, déi esou schwiereg Situatiounen ze geréieren hunn.

Zousätzlech zu de Kanner mat Verhalensopfällegkeete stelt och d'« Prise en charge » vu Kanner mat spezifesche gesondheetleche Besoinen d'Enseignanten ëmmer méi viru grouss Erausfuerderungen.

D'Responsabilitéiten, déi d'Enseignanten dobäi huele mussen, wéi zum Beispill am Kader vun engem « Projet d'accueil individualisé PAI », sinn hinnen an enger ganzer Rei Fäll net zouzemuden.

Den Enseignant ass ebe kee Medezinner.

Fir deenen 3 verschiddene Problematiken entgéintzewierke fuerdert den SNE/CGFP:

- Dass déi am Koalitiounsaccord ugekënnegt Erhéijung vum Kontingent vun den « Instituteurs spécialisés dans la scolarisation des enfants à besoins spécifiques I-EBS » schnellstméiglech an d'Realitéit ëmgesat gëtt. Dofir verlaangt den SNE/CGFP, dass e Rekrutéierungsplang fir déi spezialiséiert Léierinnen a Schoulmeeschter opgestallt gëtt, deen de Besoinen an den Ufuerderunge vum Terrain Rechnung dréit.
- Dass genuch héichqualifizéiert Personal aus alle Beräicher rekrutéiert gëtt fir d'« Equipes de soutien pour élèves à besoins spécifiques ESEB » ze stäerken. Dofir verlaangt den SNE/CGFP, dass och hei e Rekrutéierungsplang opgestallt gëtt, deen de Besoinen an den Ufuerderunge vum Terrain Rechnung dréit.

Et geet awer net nëmmen duer, d'ESEB zueleméisseg opzestocken. Den SNE/CGFP fuerdert ausserdeem de Fonctionement vun dësen Ekippen ëmzeänneren. DenSNE/CGFP fuerdert, dass dës Ekippen nom gutt funktionéierende Modell vum I-EBS direkt un d'Schoulen affektéiert ginn, fir dass d'Ressourcë séier, effikass an ouni bürokrateschen Opwand un d'Kanner verdeelt kënne ginn. Dës Mesure géif och derzou bäidroen, d'Zesummenaarbecht tëschent dem Agent aus der ESEB an dem Léierpersonal ze vereinfachen a méi effikass ze maachen.

### Des Weidere fuerdert den SNE/CGFP:

- Dass den Agent vun der ESEB ersat gëtt, wann hien ausfält. Dofir misst endlech och fir d'Personal vun der ESEB eng funktionéierend « Réserve de remplaçants » en Place gesat ginn.
- Dass an alle Schoulen eng Preventiouns-, Hëllefs- an Interventiounsstruktur (Task Force) bestoend aus Spezialisten aus verschiddenen Domänen, wéi zum Beispill Educateuren, Infirmieren an Sozialaarbechter, fir nëmmen déi ze nennen, en Place gesat gëtt. Dëst Personal kéint bei der Betreiung vu Schüler mat Verhalensproblemer oder mat anere Problemer intervenéieren. Ëmmer wann et an enger Klasse brennt, kéinte si zum Asaz kommen, fir dass den normalen Unterrecht net gestéiert gëtt an normal weiderlafe kann. Des Weidere kéint des Task-Force bei der medezinescher Hëllef vun de Schüler am Kader vum « Projet d'accueil individualisé (PAI) » esouwéi an der Ëmsetzung vu preventive Mesuren intervenéieren.
- Dass de Fonctionement vun de Kompetenzzentre fundamental geännert gëtt. Et geet net duer, 9 weider regional Antenne vu Kompetenzzentren ze schafen an déi « wie gehabt » weider funktionéieren ze loossen. Et kann nämlech net sinn, dass verschidde Kompetenzzentren sech just fir de Coaching vun de Léierinnen a Schoulmeeschtere responsabel gesinn. Mir brauchen dat spezialiséiert Personal, wat jo op Grond vu senger Ausbildung beschtens gëeegent ass, fir mat de Kanner ze schaffen, um Terrain an eise Schoulen. Dofir fuerdert den SNE/CGFP, dass déi Kompetenzzentren, déi keng Kanner an eegene Klassen ophuelen, hir Ressourcen an d'Schoule schécken, fir do um Terrain mat de Kanner ze schaffen. Ausserdeem däerfen d'Kanner, déi Hëllef brauchen, net weider de Spillball vun deene verschiddene Kompetenzzentre bleiwen : Fir deen ee Kompetenzzenter ze schwaach a fir deen aneren ze staark, mam finale Constat, dass d'Kand nach ëmmer am beschten an der normaler Klass opgehuewen ass, an dat oft ouni zousätzlech Hëllef.
- Dass Schüler, fir déi wärend enger bestëmmter Zäit eng Beschoulung op Grond vun hirer Problematik a reguläre Klassen net méi méiglech ass, temporär vu spezialiséierten Zentren oder Institutiounen opgeholl a betreit ginn. A verschiddene Fäll sinn d'Problematiken an d'Verhalensopfälleg-keeten esou déifgräifend, dass fir dës Kanner d'Beschoulung net méi prioritär ass, mee dass aner Problemer iwwerweien an eng Participatioun um Unterrecht an den Hannergrond réckelt. D'Schoul ass net de Kader, fir deene Kanner deen néidegen therapeutesche Suivi ze bidden, an d'Schoulpersonal verfüügt och net iwwer déi néideg Kompetenze, deene Kanner ze hëllefen. Dës Kanner sinn da besser an enger spezialiséierter Institutioun opgehuewen, wou si therapéiert gi mam Zil, si erëm prett ze maachen, fir um regulären Unterecht an der Klass deelzehuelen. An deem Sënn begréisst den SNE/CGFP et, dass de MENJE dës Problematik och endlech erkannt schéngt ze hunn an och der Meenung ass, dass et Kanner ginn, déi net kënnen « ... vollzäit, ëmmer, zu all Moment, iwwert de ganzen Dag, iwwert déi ganz Woch beschoulbar sinn ... ». Dem SNE/CGFP säi Constat geet awer méi wäit. Den SNE/CGFP ass der Meenung, dass et Kanner ginn, déi temporär guer net méi an der regulärer Schoul beschoulbar sinn a komplett vun anere Strukturen opgefaange musse ginn.
- Dass d'« Procédure de saisine » vun den Inklusiounskommissiounen (CI, CIN) fir d'« Prise en charge » vu Kanner mat spezifesche Besoine vereinfacht a beschleunegt gëtt. Ausserdeem muss den administativen Opwand op e strikte Minimum reduzéiert ginn, fir dass d'Kand esou séier ewéi méiglech eng effektiv Hëllef kritt. Den SNE/CGFP fuerdert, dass et zu engem Paradigmewiessel komme muss. D'Hëllef um Kand muss un éischter Plaz stoen an net d'Prozedur.
- Dass bei klenge Kanner e systematesche Screening verbindlech agefféiert gëtt mam Zil, sproochlech Stéierunge fréistméiglech ze diagnostizéieren. Dëst sollt an den Ae vum SNE/CGFP am Kader vum « Bilan 30 » geschéien. De « Bilan 30 » ass en entscheedend Instrument, fir ganz fréi Sproochentwécklungsstéierunge bei Kanner ze identifizéieren a scho fréizäiteg ze intervenéieren andeems Fërdermoossname fir d'Sproochentwécklung ergraff kéinte ginn iert d'Kand an den Zykel 1 kënnt.
- Dass d'Elteren déi proposéiert Hëllefsmesurë fir hiert Kand, dat Hëllef brauch, net refuséiere kënnen am Fall, wou déi Professionell sech eens sinn, a scho vill Ressourcen investéiert goufen, fir de Bilan vum Kand ze erstellen a vill Efforte gemaach goufen, fir dem Kand ze hëllefen.





Den SNE/CGFP fuerdert d'Politik op, endlech d'Aen opzemaachen a sech anzegestoen, wéi d'Situatioun ronderëm Kanner mat spezifesche Besoine wierklech an eise Schoulen ass.

D'Politik muss endlech agesinn, dass onbedéngt direkt muss gehandelt ginn, fir d'Steier erëmzeräissen an déi dramatesch Situatioun an eise Schoulen ze verbesseren.

Den SNE/CGFP wäert op jiddwer Fall an deem Dossier net labber loosse bis de MENJE eise Revendicatioune Rechnung dréit.

**B)** Den 2. Haaptpunkt an eisem « Cahier des charges » betrëfft d'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet vun den Enseignanten. Do ware mir dann awer staark enttäuscht, dass de Minister bei senger Rentrées-Pressekonferenz absolut kee Wuert doriwwer verluer huet, obwuel dës Thematik um Enn vum leschte Schouljoer dann awer ganz aktuell war.

D'Wuelbefannen an d'mental Gesondheet vun den Enseignanten ass enk verknëppt mat der Problematik vun der Betreiung vu verhalensopfällege Schüler oder vu Schüler mat spezifesche Besoinen.

De Mangel u Ressourcen an un Ënnerstëtzung féiert derzou, dass eng steigend Zuel un Enseignanten ëmmer méi Schwieregkeeten huet, dëser Erausfuerderung gerecht ze ginn.

Ëmmer méi Enseignantë packen de Spagat net méi tëschent dem Usproch, deen si u sech selwer stellen, all de Kanner gerecht ze ginn an der Wierklechkeet an hirer Klass.

Dës Hëlleflosegkeet féiert an enger éischter Phase zu Frustratiounen, mee ka sech op Dauer och méi negativ op hiert physescht, mentaalt a psychescht Wuelbefannen auswierken.

Et ass e Fait, dass sech ëmmer méi Enseignanten erschëpft fillen, riskéieren an de Burnout ze falen oder schonn doranner sinn.

Fir d'Wuelbefanne vun den Enseignanten ze verbessere fuerdert den SNE/CGFP dofir de MENJE op, all senge Fuerderungen, den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen, mat Verhalensopfällegkeeten oder mat spezielle gesondheetleche Besoine betreffend Rechnung ze droen.

Mee d'Wuelbefanne vun den Enseignanten hänkt nach vun anere Facteuren of.

### 1. D'Intensitéit an d'Aarbechtszäit, déi den Enseignant ze leeschten huet

D'Surcharge un Aarbecht huet an de leschte Joren ëmmer méi zougeholl. D'Aarbechtszäit ass ëmmer méi laang ginn, notamment well den administrativen Opwand zougeholl huet an d'Enseignanten et ëmmer méi schwéier kréien, ofzeschalten, well si vill vun de Problemer aus hirem Beruffsalldag mat heem huelen an zu allen Zäiten erreechbar sinn. Och sinn et oft d'Contraintë vum Programm, déi den Aarbechtsrhythmus vun den Enseignantë bestëmmen an déi och zu engem Stressfaktor fir den Enseignant kënne ginn. D'Objektiver, déi den Enseignant fir d'Aarbecht mat senge Kanner imposéiert kritt, sinn dacks irrealistesch oder ganz vag a féieren zu Stress, well hien se net erreeche kann.

### 2. Déi emotionell Stressfaktoren

An der Elterenaarbecht kënnt et ëmmer méi dacks zu Spannungen a Konfliktsituatiounen, déi den Enseignant zousätzlech belaaschten. Déi Belaaschtung kascht d'Enseignantë vill Energie a kann a ganz schlëmme Fäll esouguer zu Angschtgefiller féieren. D'Enseignantë vermëssen an deene Fäll och dacks d'Ënnerstëtzung vun hire Virgesetzten an den Autoritéiten, wa si ongerechtfäerdegt vun Elteren ugegraff ginn.

### Den SNE/CGFP fuerdert dofir:

- Dass d'Enseignanten en « Droit à la déconnexion » hunn an net zu all Moment mussen erreechbar sinn.
- Dass d'Enseignanten déi néideg Ënnerstëtzung vun hire Virgesetzte kréien, wann et zu Konflikter mat Eltere kënnt.
- Dass weider Hëllefsstrukture geschafe ginn, op déi den Enseignant kann zeréckgräifen, wann et him emotional schlecht geet. D'Enseignantë missten och scho preventiv op esou Strukturen, déi eng psychologesch Hëllef ubidden, zeréckgräife kënnen, fir ze verhënneren, dass si an eng emotional Iwwerbelaaschtung falen.
- Dass den administrativen a bürokrateschen Opwand op e strikte Minimum reduzéiert gëtt.



- Dass d'Digitaliséierung vu Prozeduren eng reell Erliichterung fir d'Enseignantë mat sech bréngt.

### Fir den SNE/CGFP ass et op alle Fall kloer:

Wann an deem Dossier net séier gehandelt gëtt, da riskéiert den Educatiounssystem kuerzfristeg ze kollabéieren.

Net well d'Enseignanten net wëllen, mee well se net méi kënnen.

**C)** En drëtte Punkt, deen dem SNE/CGFP staark um Häerz läit, ass d'Attraktivitéit vum Beruff.

Den SNE/CGFP stellt fest, dass ëmmer manner Jonker sech fir e Studium an Erzéiungswëssenschaften a fir de Beruff vun der Léierin oder dem Schoulmeeschter entscheeden.

Och sichen ëmmer méi Enseignanten, déi an de Schoule mat Kanner schaffen, eng aner Erausfuerderung andeems si aner Posten am Secteur vun der Educatioun ustriewen, wou si net méi am Kontakt mat Kanner sinn.

Leider ginn et och ëmmer méi Enseignanten, déi der Schoul de Réck dréinen an an anere Secteuren hir beruflech Zukunft sichen.

Den SNE/CGFP bedauert, dass d'Schoulhalen an de Beruff vun der Léierin an dem Schoulmeeschter net méi attraktiv ze si schéngt.

Dëse Beruff ass jo ee vun deenen erfëllensten, déi et ginn, mee natierlech just, wann d'Konditioune stëmmen.

An do läit d'Kromm an der Heck.

Ee vun de Grënn, dass den Enseignantsberuff un Attraktivitéit verluer huet läit sécherlech an der Verschlechterung vun den Aarbechtskonditiounen, déi enk verknëppt si mam Thema vum Wuelbefanne vun den Enseignanten op hirer Aarbechtsplaz.

Déi negativ Auswierkunge vum Contingent, de Manktem u Ressource bei der « Prise en charge » vu Kanner mat Verhalensopfällegkeeten oder spezifesche Besoinen, déi mangelnd Ënnerstëtzung bei Konflikter mat Elteren droen net derzou bäi, den Enseignantsberuff attraktiv ze maachen.

E weidere Grond fir déi negativ Entwécklung bei der Attraktivitéit läit och doranner, dass de Beruff vun der Léierin an dem Schoulmeeschter net genuch valoriséiert ass.

Vill Leit erkennen déi wichteg Roll net méi, déi d'Enseignantë fir d'Gesellschaft spillen.

D'Valorisatioun vum Beruff ass enk gekoppelt un d'Ausbildung vun den Enseignanten an un d'Carrièresperspektiven, déi domadder zesummenhänken.

De Prestige vun engem Beruff geet eben och Hand an Hand mat dem Ausbildungsniveau, dee fir dee Beruff verlaangt gëtt an enger gudder Visibilitéit no baussen.

Dofir fuerdert den SNE/CGFP, dass an Zukunft all d'Léierinnen a Schoulmeeschteren op Masterniveau rekrutéiert ginn, an dass si an d'Mastercarrière A1 klasséiert ginn.

**D)** Ouni dass mir op dëser Plaz am Detail wëllen dorobber agoen, betreffen aner Punkten, déi an eisem « Cahier des charges » thematiséiert ginn, follgend Sujeten :

- d'Evaluatioun vun der Reform vun 2009
- den 2. Intervenant am C1
- d'Modernisatioun vum « Plan d'études » an d'Konsequenzen dovunner
- d'Bäibehale vum Enseignant – Generaliste
- d'Alphabetiséierung op Franséisch

Och bei dëse 5 Punkten huet den SNE/CGFP seng ganz kloer Virstellungen an déi wäerte mir dem MENJE och onmëssverständlech an eisem « Cahier des charges » duerleeën.

Erlaabt mir awer, e puer Wuert iwwert d'Alphabetiséierung op Franséisch ze verléieren, och well den Här Minister Meisch dat bei der Rentrées – Pressekonferenz als déi wichtegst Reform wärend dëser Legislaturperiod bezeechent huet.

Den SNE/CGFP ass sech der Sproocheproblematik zu Lëtzebuerg duerchaus bewosst an ass och prinzipiell oppe fir eng Flexibiliséierung vun der schoulescher Offer innerhalb vum traditionelle lëtzebuergesche Schoulsystem.

An dofir bleift den SNE/CGFP och bei senger Positioun, sech dem Pilotprojet vun der Alphabetiséierung op Franséisch net ze verschléissen, mee dëse kritesch ze begleeden.

### An deem Kontext fuerdert den SNE/CGFP:

- Dass de Projet, esou wéi et am Koalitiounsaccord och virgesinn ass, wëssenschaftlech evaluéiert gëtt. Den SNE/CGFP insistéiert dorop, dass dës Evaluatioun seriö, onofhängeg a wäitreechend muss erfollegen. All d'Resultater mussen integral ëffentlech gemaach, kontrovers diskutéiert an analyséiert ginn an op där Basis mussen dann d'Decisioune getraff ginn.
- Dass d'Acteure vum Terrain an d'Evaluatioun mat agebonne ginn, well si all Dag mat de Kanner schaffen an am beschte wëssen, wou et Problemer ginn a wat gutt leeft.
- Dass et zu kengem Vermësche vu Kanner innerhalb vun enger eenzeger Klass kënnt, déi op Däitsch alphabetiséiert gi mat Kanner, déi op Franséisch alphabetiséiert ginn.
- Dass, am Fall vun enger generaliséierter Aféierung vun der Alphabetisatioun op Franséisch op Landesniveau, all d'Schoulen iwwert déi selwecht Ressourcen a Moyene verfüge mussen, wéi se och fir de Pilotprojet zur Verfügung gestallt goufen.
- Dass, am Fall vun enger Generalisatioun vum Projet, d'Alphabetisatioun op Franséisch net gläichzäiteg an all de Schoule geschitt. Den SNE/CGFP fuerdert, dass dës Aféierung etappeweis, an net an engem Coup, flächendeckend realiséiert gëtt. Et soll an den Ae vum SNE/CGFP näischt iwwerstierzt ginn. Wou huele mir esou séier déi néideg personell Ressourcen a virun allem déi fir d'Generalisatioun vun deem Projet néideg Infrastrukturen hier? D'Gemengen hunn elo schonn heiansdo Problemer, genügend Klassesäll zur Verfügung ze stellen. Och d'Zäitschinn, déi de Minister bei der Rentrées – Pressekonferenz annoncéiert a sech selwer gesat huet, schéngt dem SNE/CGFP ganz ambitiéis, jo esouguer irrealistesch. Bei esou enger wichteger Reform däerf näischt iwwert de Knéi gebrach ginn an et sollt ee sech genügend Zäit loossen, fir dës Reform generell anzeféieren, fir dass se net zu engem Flopp gëtt.

Wat d'Problematik vun de Smartphonen an de Grondschoulen ubelaangt, begréisst den SNE/CGFP d'Decisioun vum Här Minister Meisch, dës ab Ouschteren 2025 ze verbidden, och well déi meescht wëssenschaftlech Etüde kloer beleeën, dass de Gebrauch vum Smartphone bei Kanner an deem Alter net ubruecht ass.

Mir soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.


Patrick Remakel
President vum SNE/CGFP


Patrick Remakel,
President SNE/CGFP





# De 4. Dezember 2024 gi 4 Enseignanten aus der Grondschoul an d'national Schoulkommissioun gewielt. Déi Wale sinn immens wichteg.





**Christian Kohnen**
Instituteur Cycle 4 EF Steinfort depuis 1997
Président du comité d'école de l'EF Steinfort
Membre commission scolaire de la commune de Steinfort
Formateur IFEN
Tuteur Uni.lu
Membre du comité central du SNE/CGFP



**Gilles Glesener**
Instituteur EF depuis 1986 à Mamer – Cycle 2 appui
Membre de la Commission scolaire nationale
Membre suppléant de la Chambre des fonctionnaires et employés publics
Membre du Comité fédéral et du Comité exécutif de la CGFP
Secrétaire général du SNE/CGFP



**Patrick Remakel**
Instituteur EF depuis 1997 à Hesperange – Cours d'appui
Membre du Comité d'école de Hesperange
Membre de la Commission scolaire nationale
Membre de la Chambre des fonctionnaires et employés publiques
Membre du Bureau exécutif de la CGFP
Trésorier fédéral de la CGFP
Président du SNE/CGFP



**Vanessa Schetgen**
Institutrice EF depuis 2005 à Hesperange - Cycle 1
Présidente Commission nationale de l'école fondamentale (CNEF) pour le Cycle 1
Membre de la Commission scolaire nationale
Membre du Comité fédéral de la CGFP
1ère Vice-présidente du SNE/CGFP

**An der Schoul kee Wee laanscht den SNE/CGFP**

# Walen

## Commission scolaire nationale



**D'Commission scolaire nationale ass déi eenzeg Plattform um nationalen Niveau fir déi verschidde Schoulpartner vum Enseignement fondamental: den Educatiounsministère, d'Léierpersonal aus der Grondschoul an d'Elterevertrieder.**

**Well dës Kommissioun hiren Avis zu all de wichtegen Themen, déi d'Grondschoul betreffen, gëtt, ass et wichteg, datt d'Vertrieder vum Léierpersonal d'Interête vun den Enseignante virbréngen a verdeedegen.**

**An der Schoul kee Wee laanscht den SNE/CGFP**

Mäi Choix

sne syndicat national des enseignants cgfp

## 1. Comment voter ?

- > Tu disposes de **4 voix**
- > Tu votes en **noircissant** le cercle de la case en tête de la liste sne/cgfp ainsi tu attribues une voix à chaque candidat
- > **Ou bien** tu attribues un ou deux suffrages aux candidats sne/cgfp, **jusqu'à concurrence de 4 !**

Le bulletin de vote à remplir vous parviendra par les soins du Ministère.

Gilles Glesener | Christian Kohnen | Patrick Remakel | Vanessa Schetgen

## 2. Procédure de renvoi

- > Tu places le bulletin de vote, plié en quatre, l'estampille à l'extérieur, dans la première enveloppe que tu fermes
- > Tu glisses celle-ci dans la seconde portant l'adresse du président du bureau électoral
- > Tu indiques lisiblement, à la place réservée à cet effet de cette seconde enveloppe, tes nom et prénom, le lieu de ta résidence et tu y apposes ta signature (l'anonymat de vote reste garanti)
- > Tu fermes l'enveloppe et tu la remets à la poste, dans un délai suffisant pour qu'elle puisse parvenir à la présidente du bureau électoral dans le délai fixé

***Dernier délai de renvoi***
***Samedi, le 30 novembre 2024,***
***car la clôture se fera***
***mercredi, le 4 décembre 2024.***



**SNE/CGFP: le syndicat majoritaire et représentatif!**

### Attention !

Les mandats sont attribués d'après le système proportionnel, donc:

- > aucune abstention !
- > épuise intégralement tous les suffrages dont tu disposes !
- > pas de suffrage sur la liste concurrente !

ATHLETICS CSL LUXEMBOURG

Le CSL, club d'athlétisme au Luxembourg,
recrute des entraîneurs (H/F) :

**Sont recherché(e)s :**

Entraîneurs sportifs/ves pour l'encadrement de nos athlètes des catégories ludiques à scolaires (cycles 1 - 4) aux entrainements et aux compétitions.

**Emploi du temps :**

2 à 3 séances à 1hr, resp. 1,5hrs d'entrainement/semaine, encadrement lors des compétitions (la plupart du temps les weekends) et présence lors d'éventuels stages (2 nuits → cycles 3 - 4).

**Disponibilité souhaitée** à partir de novembre 2024.

Le/la candidat/e doit être en possession d'un diplôme reconnu par l'INAPS ou se prévaloir d'une expérience d'au moins 3 ans dans le domaine de l'athlétisme ou du sport avec des jeunes enfants.

**Langues parlées** :

luxembourgeois constitue un avantage,
français et/ou allemand.

Candidatures à envoyer par mail à **cslath@pt.lu**

CSL Athletics Luxembourg
1, rue du Stade
L-2547 Luxembourg


SDK Akademie
SuperDrecksKëscht®



Getreu ihrem Motto „Geliefte Klimaschutz" steht die SDK für Ressourcen, Nachhaltigkeit, Kreislaufwirtschaft und Innovation.

Entdecken Sie unsere Angebote zur Sensibilisierung in der Schulgemeinschaft.

**www.sdk-akademie.lu**

Label SDK

Weiterbildungen für Lehrkräfte beim IFEN

Aktivitäten zur Sensibilisierung

Coaching

Geliefte Klimaschutz

CHAMBRE DES MÉTIERS LUXEMBOURG
CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG





emile weber
all about your journey

**Group Travel Experiences**

*Voyages en groupe sur mesure*

Pour clubs, associations, écoles, entreprises ou amis & familles...
Notre département groupes est à votre disposition pour vous conseiller.

*Pour plus d'infos scannez ici !*

www.emile-weber.lu

**Département Groupes**

Z.A. Reckschleed
L-5411 Canach

+352 35 65 75-300
groups@ew.lu

N°872
Entrée le 10.06.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 11.06.2024
Chambre des Députés

DP DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Monsieur Claude WISELER
Président de la Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Luxembourg, le 10 juin 2024

Monsieur le Président,

Par la présente, nous avons l'honneur de vous informer que, conformément à l'article 80 de notre Règlement interne, nous souhaitons poser la question parlementaire suivante à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :

*« Il nous a été rapporté que, dans des écoles de l'enseignement fondamental, des enseignants n'auraient pas été réaffectés dans leur commune, et ceci suite aux décisions du Conseil Communal en séance. D'après nos informations, ces enseignants ne pourraient pas briguer de poste sur la liste 1bis, réservée aux seuls postes devenus vacants suite au changement de commune des enseignants.*

*Partant, nous aimerions poser les questions suivantes à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse :*

- *Combien de postes ont été publiés sur la liste 1bis ces 5 dernières années ?*
- *Monsieur le Ministre, estime-t-il qu'un enseignant affecté sur un poste provisoire dans une commune devrait avoir la priorité lors du vote du Conseil Communal ?*
- *Monsieur le Ministre, pourrait-il envisager une réforme de la liste 1bis afin que des enseignants non-réélus puissent y postuler ?*
- *Serait-il envisageable de publier tous les postes libres sur la liste 1bis, et non seulement les postes devenus libres suite à des permutations ?*
- *D'une manière générale, et à la lumière de la loi de 2009, Monsieur le Ministre, est-il d'avis que la nomination pour la liste 1 par les communes est toujours de mise ? »*

Veuillez croire, Monsieur le Président, en l'expression de notre très haute considération.

Gilles BAUM
Député

Barbara AGOSTINO
Députée

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Réponse de Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Claude Meisch, à la question parlementaire n° 872 de Madame et Monsieur les Députes Barbara Agostino et Gilles Baum**

**Ad 1)**

Le tableau ci-dessous reprend le nombre de postes publiés sur la liste 1*bis* ces cinq dernières années.

| Année scolaire | Postes publiés |
|---|---|
| **2019/2020** | 232 |
| **2020/2021** | 147 |
| **2021/2022** | 92 |
| **2022/2023** | 67 |
| **2023/2024** | 62 |

**Ad 2)**

La lettre circulaire de printemps publiée chaque année à l'attention des administrations communales en vue de l'organisation scolaire de l'année subséquente souligne l'importance de la continuité et de la stabilité des équipes pédagogiques qui sont prévues à l'article 38 de la *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental*.

Dans le cadre de la liste 1, il incombe aux conseils communaux de procéder aux propositions d'affectation et de réaffectation des candidats en opérant leur choix entre tous les candidats ayant postulé pour un même poste. Certes, l'affectation à un poste provisoire d'un candidat dans une commune peut inciter le conseil communal d'opter pour la réaffectation de ce dernier dans le souci de favoriser la stabilité des équipes pédagogiques. Dans le cadre des opérations d'affectation et de réaffectation de la liste 1, 68 % des instituteurs respectivement des stagiaires-instituteurs ayant réussi toutes les épreuves du stage et non encore nommés à la fonction d'instituteur ont été réaffectés pour l'année scolaire 2024/2025 à la commune ou à la classe de l'État à laquelle ils étaient affectés en 2023/2024.

Parmi les 32 % qui n'ont pas été réaffectés dans la cadre de la liste 1 des postes d'instituteur vacants à la commune dans laquelle ils intervenaient en 2023/2024 :

- 55 % n'ont pas postulé pour un poste dans cette dernière ;
- 24 % ont été réaffectés à une autre commune en raison du fait qu'ils ont indiqué une préférence pour la réaffectation à cette dernière ;
- 21 % ont sollicité une réaffectation à leur commune à laquelle ils étaient affectés en 2024, mais leur candidature n'a pas été retenue par le conseil communal.

Par conséquent, dans la grande majorité des cas, il résulte du choix du candidat que ce dernier ne bénéficie pas d'une réaffectation à la commune à laquelle il était affecté en 2023/2024.

**Ad 3) et 4)**

L'instauration de la liste 1*bis* des postes d'instituteurs vacants avait en 2016 pour objectif de répondre à une demande des instituteurs en activité de service qui désiraient briguer un poste devenu vacant suite aux procédures de réaffectation réalisées dans le cadre de la liste 1.

De multiples raisons sont à la base de la croissance importante du nombre de bénéficiaires d'une affectation provisoire, à savoir :

- la limitation des affectations des stagiaires à la durée de leur stage introduite par la *Loi modifiée du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale* ;
- la croissance du nombre d'instituteurs assurant une tâche d'enseignement dans les écoles fondamentales publiques et la flexibilité accordée à ces agents au niveau de la gestion de leur temps de travail.

Tout au long des dernières années, mon ministère a entrepris des efforts considérables de recrutement pour assurer que la grande majorité des leçons d'enseignement direct mises à la disposition des communes par mon ministère soient assurées par des instituteurs ayant passé avec succès le concours d'admission au stage préparant à la fonction d'instituteur. Pour l'année scolaire 2024/2025, 95,70 % des leçons d'enseignement direct sont assurées par des instituteurs par rapport à 87,56 % des leçons d'enseignement direct en 2017/2018.

En 2018, la modification des dispositions légales en matière de services à temps partiel et l'introduction du compte épargne-temps ont accordé une plus grande flexibilité aux agents au niveau de la gestion de leur temps de travail. Cependant, les volumes de tâches libérés dans le cadre des modifications de degré d'occupation ne sont pas, au moins dans un premier temps, publiés définitivement pour assurer que les instituteurs profitant d'un service à temps partiel puissent bénéficier au sein de leur commune d'une affectation à tâche complète lors d'un éventuel retour anticipé.

Il en résulte que le nombre d'agents obligés à briguer un poste dans le cadre des listes 1 ou 1*bis* a augmenté à tel point que le nombre de postes à pouvoir dans le cadre de la liste 1*bis* suffit à peine pour réaffecter respectivement affecter l'ensemble des candidats.

Vu cette situation, il y a lieu de mener des réflexions, en collaboration avec les acteurs locaux et régionaux, si une réforme de la liste 1*bis* s'avère propice et dans l'affirmative, de décider des éventuelles modifications à apporter aux actuelles procédures d'affectation et de réaffectation. Dans ce contexte, la republication des postes restés vacants après les opérations d'affectation de la liste 1 sur la liste 1*bis* pourra être prise en considération.

**Ad 5)**

Le programme gouvernemental de 2023 prévoit de revoir « *les compétences des communes et de l'Etat* » y inclus la « *gestion des ressources humaines* ». Des discussions entre l'État et les représentants des communes seront menées, afin de discuter sur les attributions des communes respectivement de l'État dans le domaine de l'éducation formelle.

Luxembourg, le 6 septembre 2024

Le Ministre de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

(s.) Claude MEISCH

2



Mäi Choix
sne syndicat national des enseignants cgfp

An der Schoul kee Wee laanscht den SNE/CGFP

www.sne.lu

# Éierung vu verdéngte Membere beim SNE/CGFP

An enger festlecher Zeremonie huet den SNE/CGFP den 10. Juli 2024 eng Rei laangjäreg a verdéngte Membere fir hiren onermiddlechen Engagement an der Gewerkschaft geéiert.

Fir zënter mëttlerweil 10 Joer Asaz am Zentralkommitee vum SNE/CGFP goufen ausgezeechent:

- de President **Patrick Remakel**, deen elo schonn zënter méi ewéi engem Joerzéngt d'Geschécker vum SNE/CGFP leet an zënterhier scho vill gewerkschaftlech Erfolleger verbuche konnt. De Patrick ass de Vertrieder vum SNE/CGFP a sëllege Gremien, ënnert anerem an der nationaler Schoulkommissioun, am « Conseil supérieur de l'Éducation nationale » an an der « Chambre des fonctionnaires et employés publics »;
- den 2. Vizepresident **Nicolas Thill**, dee sech an der Gewerkschaft besonnesch ëm de Volet « Voie de préparation de l'enseignement secondaire général » këmmert;
- de **Claude Schmit**, Chefredakter vun eiser Gewerkschaftszeitung « de Bulletin », dee sech awer och ëm d'Publikatioun vun eisem « Matériel didactique » këmmert;
- de **Ronny Mergen**, dee sech am Aarbechtsgrupp « Neie Plan d'études » verdéngt gemaach huet.

Zwee weider Membere si fir hiren Engagement iwwer zwee Joerzéngten am Zentralkommitee ausgezeechent ginn:



- de Generalsekretär **Gilles Glesener**, dee scho 25 Joer als « Secrétaire adjoint », respektiv als Generalsekretär am Zentralkommitee fir den SNE/CGFP täteg ass. De Gilles ënnerstëtzt eis Memberen mat sengem kompetente Rot an de syndikalistesche Permanencen an ass wärend all där Zäit och ee vun de Vertrieder vun eiser Gewerkschaft an der nationaler Schoulkommissioun an an der « Chambre des fonctionnaires et employés publics » gewiescht;
- de **Claude Ries**, dee responsabel ass fir d'Organisatioun vun eiser alljärlecher Ausstellung vun didakteschem Material « LuxDidac » an dee sech am Kader vun den internationale Relatioune vun eiser Gewerkschaft engagéiert. Leider konnt de Claude net bei der Feier mat derbäi sinn.

Besonnesch geéiert gouf de **Fernand Origer**, laangjäregen 2. Vizepresident vum SNE/CGFP, dee sech no bal 20 Joer intensiver Aarbecht an onermiddlechem Asaz an der Gewerkschaft am Joer 2020 aus dem aktive Gewerkschaftsliewen zeréckgezunn huet. De Fernand huet sech bal 2 Joerzéngten ëm d'Publicatioun, de Layout an de Contenu vum deemolege syndikalistesche Bulletin « École et Vie » verdéngt gemaach. Hien huet sech mat sengen originellen Iddien och bei de Walcampagnë vum SNE/CGFP fir déi national Schoulkommissioun a fir d'Staatsbeamtekummer en Numm gemaach. Och huet hien am Kader vu Manifestatiounen, déi den SNE/CGFP am Laf vun de Joren organiséiert huet, eng fiederféierend Roll gespillt. Am Numm vum ganze Kommitee huet de President Patrick Remakel him Merci gesot fir säin onermiddlechen Asaz an der Gewerkschaft a säi Bäitrag zur Verdeedegung vun den Interesse vun de Léierinnen an de Schoulmeeschteren.

Déi offiziell Auszeechnunge goufe mat engem klengen lessen an engem conviviale Kader a gemittlecher Atmosphär ofgeschloss.










boesner
KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER
Alles was kleine Künstler brauchen
· Über 28.000 Artikel
· Staffel- und Großhandelspreise
· Lieferservice
· Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum
boesner GmbH Perl
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr
Auf 3.200 m² alles was Kunst braucht
Frankfurt
Mutterstadt
Perl
Saarbrücken
Trier
www.boesner.com


MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE
Entdeckt 3 km Minn mat der Gouwebunn & zu Fouss
• fir Gruppen bis 31 Leit an interactiv Visitte fir d'Kanner dat ganz Joer
• fir indiviuell Visiteuren vun Abrëll bis Juni an am September: vun Donneschdes bis Sonndes
• am Juli an August: vun Dënschdes bis Sonndes
• vum Januar bis Mäerz an Oktober bis Dezember all Sonndeg
Detailléiert Informatiounen:
www.mnm.lu


Lineheart, ären Apple Partner fir d'Digitaliséierung am Enseignement.
Wielt haut déi richteg Servicer a Produiten fir en gelongenen IT-Projet an ärer Schoul.
Berodung
Installatioun
Support-Formatioun
Maintenance
Locatioun-Finanzement
iPad / MacBook / iMac
Accessoiren
Wifi-Réseau
Projektioun / interaktiv Tafel
Robotik / Coding
Fir e Projet mat Wäitsiicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Educatioun.
lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 340 • education@lineheart.lu
LINEHEART
Authorised Education Specialist

# Ouverture vun der LuxDidac 2024

## Ried vum Patrick Remakel

### 1. Begréissung

Här Minister, Dir Dammen an Hären Deputéierten, léif Vertrieder aus der Politik, léif Éieregäscht!

Am Numm vun der FEDUSE-Enseignement/CGFP a vum SNE/CGFP freet et mech, esou eng grouss Zuel vun Éieregäscht op der Ouverture vun der LuxDidac begréissen ze kënnen.

Et freet mech besonnesch, am Numm vun der FEDUSE-Enseignement/CGFP a vum SNE/CGFP, onsen Educatiounsminister, den Här Claude Meisch, den Owend bei ons ze hunn.

Merci Här Minister, fir Är Presenz a fir déi Wierder, déi Dir nach wäert un ons riichten.

Des Weidere begréissen ech Deputéierte Alexandra Schoos, Fred Keup an den Tom Weidig.

Ech begréissen och aus dem « Cabinet ministériel » d'Madame Martine Molitor, « Premier Conseiller de Gouvernement » an den Här Lex Folscheid, « Premier Conseiller de Gouvernement a Chef de cabinet » am Educatiounsministère.

Et freet ons, des Weidere begréissen ze kënnen aus dem Educatiounsministère d'Madame Francine Vanolst, Chef de service vum Service de l'enseignement fondamental, den Här Steve Huss, Chef de service vum Service de l'enseignement secondaire an aus dem « Ifen », den Direkter Christian Lamy.

Ech begréissen och d'Presidenten an d'Membere vun de Comité-d'écollen, d'Memberen aus den Direktiounen an d'Memberen aus de Programmkommissiounen.

Mir freeën ons och iwwert d'Presenz vum Här Romain Wolff, President vun der CGFP, dem Här Gilbert Goergen 1.Vice-Prssident vun der CGFP, dem Här Steve Heiliger, CGFP-Generalsekretär, dem Här Christian Schleck, Member aus dem Bureau exécutif vun der CGFP an dem Här Max Lemmer, Attaché de presse vun der CGFP.

Ech begreissen och den Här Georges Muller Vize-Président vu CGFP-Services, aus der Chambre des fonctionnaires et employés publics den Här Marc Poos an d'Vertrieder vu befrënnte Syndikater an Associatiounen a schliisslech all de Memberen aus de Comitéeën an den Assembléeë vun der FEDUSE/CGFP a vum SNE/CGFP.

Merci Dir Dammen an Dir Hären, fir Är Presenz a fir Är Ënnerstëtzung.

Entschëllegt, wann ech ee vun den Éieregäscht sollt vergiess hunn.

Ech begréissen awer och ganz häerzlech ons Aussteller an d'Verlaagsvertrieder, déi dës Ausstellung iwwerhaapt erméiglechen.

E grousse Merci geet un d'Responsabel vum Centre culturel vu Bouneweg, déi ons dës Lokalitéite fréndlecherweis zur Verfügung stellen.

E leschte Merci geet un de Claude Ries, de responsabelen Organisateur vun der LuxDidac, un d'Organisatiounsekipp vun der LuxDidac an un d'Ekipp vun SNE-Editions fir hire kompetenten Asaz.




### 2. LuxDidac

D'LuxDidac fënnt dëst Joer scho fir d'27. Kéier statt.

Dës Editioun ass fir eis awer ganz speziell, well si hei am Centre culturel zu Bouneweg, direkt vis-à-vis vun eisem Siège stattfënnt.

Hei, respektiv an eise Büroen um Siège, huet d'LuxDidac am Joer 1996  hiren Ursprong geholl.

Den een oder anere vun lech erënnert sech villäicht nach un déi Ufäng, un d'Wuerzele vun dësem Event.

Alles huet ugefaang mat enger Ausstellung vun didakteschem Léiermaterial, organiséiert vum Léierpersonal fir d'Léierpersonal.

Dës Iddi ass aus engem ëmmer méi grousse Besoin eraus entstanen:

Vill Membere vum SNE/CGFP hunn ëmmer méi musse feststellen, dass et schwéier ass, passend Exercicer a weiderféierend Material ze fannen, fir de Schüler d'Léieren ze erliichteren.

Aus dësem Besoin eraus ass d'LuxDidac gebuer ginn, mat dem Usproch, déi Lacunnen ze fëllen.

Zënter 1996 bitt d'LuxDidac dem Léierpersonal, den Elteren an allen aneren Interesséierten elo d'Méiglechkeet, d'Nouveautéiten am Beräich vum didaktesche Material ze entdecken.

Och dëst Joer si mir stolz op d'Vilfalt vun de Produkter, déi eis Exposante matbruecht hunn – an et gëtt definitiv vill ze entdecken!

Et freet eis besonnesch, dass vill vun eise laangjäregen Aussteller och dëst Joer erëm derbäi sinn, a gläichzäiteg si mir houfreg, vill nei Exposante bei eis begréissen ze kënnen.

Mir si frou, och dëst Joer Aussteller aus Lëtzebuerg, Däitschland, der Belsch an der Schwäiz hei am Centre Culturel zu Bouneweg begréissen ze däerfen.

Och SNE-Editions ass natierlech mat hirem didaktesche Material op engem Stand present.

Zu der LuxDidac gehéieren awer och, wéi all Joer, eng Rei Formatiounen an eng Konferenz, déi an dëser Woch stattfanne wäerten.

Dës Aktivitéite wäerte sech dëst Joer alleguerten ëm e Sujet dréien, deen immens wichteg ass an a villen







Editoriallen, Artikelen a Pressekonferenze vum SNE/CGFP thematiséiert gouf:

d'Wuelbefanne vun den Enseignanten zu Lëtzebuerg.

### 3. Ried zum « Bien-être au travail » vun den Enseignanten zu Lëtzebuerg

D'Thema vum « Bien-être au travail » vun den Enseignanten zu Lëtzebuerg läit mir perséinlech immens um Häerz.

Mee et geet hei net nëmmen ëm meng perséinlech Aschätzung, dëst Thema spillt och eng entscheedend Roll fir d'Zukunft vun eisem Bildungssystem.

Firwat ass dëst esou e wichtegt Thema fir mech an den SNE/CGFP?

Eng Villzuel u Studien hunn däitlech gewisen, dass d'Wuelbefanne vun dem Léierpersonal net nëmmen hir eege Gesondheet an Zefriddenheet beaflosst, mee och direkt Auswierkungen op d'Leeschtung an d'Wuelbefanne vun eise Schüler huet. An enger Zäit, an där d'Bildung ëmmer méi als Schlësselfacteur fir d'Zukunft vun eiser Gesellschaft unerkannt gëtt, ass et noutwendeg, dass een déi Mënschen, déi u vorderster Front an eisem Bildungssystem stinn, an de Mëttelpunkt vun eise Beméiunge stellt.

En Enseignant, dee sech wuel fillt, ass méi motivéiert, méi kreativ a méi engagéiert.

Dës positiv Effekter iwwerdroe sech natierlech och op eis Schüler, déi vun engem ënnerstëtzenden an inspiréierende Léierëmfeld enorm profitéieren.

### D'Bedeitung vum Wuelbefanne vun den Enseignanten :

Fänke mer mat engem klenge Gedankenexperiment un : Stellt Iech eng Schoul vir, an där all Enseignant all Moie mat engem Laache begréisst gëtt a mat engem gléckleche Gesiicht äntwert, an där kreativ Iddie gefërdert an appreciéiert ginn, a wou all Dag eng nei Geleeënheet bitt, fir jonk Mënschen ze inspiréieren an an hirem Wuesstem ze ënnerstëtzen.



D'Wuelbefanne vun den Enseignanten ass de Schlëssel zu esou enger Schoul.

D'Enseignantë sinn d'Architekte vun der Zukunft an d'Réckgrat vum Bildungssystem.

All Dag setze si sech mat groussem Engagement dofir an, eise Kanner déi beschtméiglech Startbedéngungen an d'Liewen ze ginn.

Hir Aarbecht geet wäit iwwert d'Vermëttlung vu Wëssen eraus.

Si inspiréieren, motivéieren a gestalten d'Perséinlechkeete vun hire Schüler.

Si sinn net nëmme Virbiller a Beroder, mee heiansdo och Séilentréischter.

Dofir ass et vun entscheedender Wichtegkeet, dass d'Wuelbefanne vun den Enseignanten an eisem Land geférdert an, virun allem, geschützt gëtt. Wann d'Enseignantë sech wuel fillen an inspiréiert sinn, kënne si hiert ganzt Potenzial entfalen an e Léierëmfeld schafen, an deem hir Schüler opbléien a sech fräi entwéckelen.

Glécklech Enseignantë si kreativ, motivéiert an engagéiert.

Divers Studie beleeën, dass Enseignanten, déi sech op hirer Aarbecht ënnerstëtzt a wäertgeschätzt fillen, manner krankheetsbedéngt Ausfäll hunn, wat och zu engem méi stabillen a konsistente Léierëmfeld fir d'Schüler féiert.

D'Wuelbefanne vun den Enseignanten ass awer net nëmme fir d'Schüler vu grousser Bedeitung, mee beaflosst och déi komplett Schoulgemeinschaft an de Bildungssystem am Ganzen.

Enseignanten, déi ënnerstëtzt ginn, sinn och éischter bereet, sech weiderzebilden, hir Kompetenzen auszebauen, op Changementer flexibel ze reagéieren oder nei Aufgaben unzegoen.




Si sinn och méi motivéiert, sech u schoulesche Projeten ze bedeelegen an hir Erfarunge mat Kolleegen ze deelen.

Dat alles féiert zu enger positiver Schoulatmosphär, engem staarke Gemeinschaftsgefill a méi engem groussen Zesummenhalt, wat niewebäi d'Qualitéit vun der Bildung hei am Land verbessert.

## Déi aktuell Situatioun hei zu Lëtzebuerg :

Zu Lëtzebuerg, engem Land, dat fir seng héich Liewensqualitéit an éischtklasseg Bildungsariichtunge bekannt ass, ass et essenziell, dass d'Enseignanten déi Ënnerstëtzung an Unerkennung kréien, déi se verdéngen.

Dat kann nëmmen duerch gezillte Moossnamen erreecht ginn, wéi zum Beispill duerch d'Bereetstelle vun adäquate Ressourcen a Materialien, duerch d'Férderung vu berufflecher Weiderbildung an duerch d'Schafung vun enger gesonder Work-Life-Balance.

Et ass wichteg, dass d'Enseignanten aktiv an Decisiounsprozesser abezu ginn, egal ob et sech ëm Entscheedungen handelt, déi si an hir Tâche direkt betreffen, oder ëm méi allgemeng d'Orientéierung vum Schüler.

Mir hunn d'Chance, dass vill Enseignanten hei am Land mat hirer Beruffswiel zefridde sinn.

Vill Enseignanten erziele vu positiven Erfarungen a Momenter, déi si am Schoulalldag erliewen.

Dës positiv Erfarungen droen entscheedend dozou bäi, e gesond an inspiréierend Léierëmfeld ze schafen.

Gläichzäiteg si sech déi meescht Enseignanten den Erausfuerderunge bewosst, déi mam Léierberuff verbonne sinn :

d'Aarbechtsbelaaschtung, den administrativen Opwand an d'Noutwendegkeet, eng gesond Balance tëscht dem Beruffs– an dem Privatliewen ze fannen.

Mëttlerweil ginn et ëmmer méi Initiativen, déi d'Wuelbefanne vun den Enseignanten zu Lëtzebuerg verbesseren.

Schoule setzen ëmmer méi op Teamwork a kollegial Ënnerstëtzung, fir den Austausch vun Iddien ze férderen an d'Aarbechtszefriddenheet ze steigeren.

Professionell Entwécklungsméiglechkeete bidden den Enseignanten d'Geleeënheet, sech weiderzebilden an nei, innovativ Léiermethode kennenzeléieren.

Den SNE/CGFP ënnerstëtzt dofir d'Konzept vum Lifelong Learning an erkennt d'Wichtegkeet vun enger qualitativ héichwäerteger Weiderbildung.

Den SNE/CGFP gesäit awer och gläichzäiteg d'Noutwendegkeet, d'Initialausbildung vun der Léierin an dem Schoulmeeschter op Masterniveau ze hiewen, fir den Erausfuerderungen an de Grondschoule gerecht ze ginn an den Enseignanten doriwwer eraus eng méi breet Pallett u professionelle Méiglechkeet ze bidden.

## D'Erausfuerderunge meeschteren :

Natierlech gëtt et och nach Raum fir Verbesserungen.

D'Erausfuerderungen, déi d'Enseignanten zu Lëtzebuerg ze bewältegen hunn, si real a villfälteg.

Den alldeeglechen Aarbechtsopwand an den domat verbonnene Stress kënnen zu Iwwerfuerderung féieren.

Fakt ass, dass d'Schoulhalen u sech scho mat Defie verbonnen ass : den Enseignant steet an enger stänneger Interaktioun a muss ëmmer um Qui–vive sinn.

Hei ass et net méiglech, einfach emol eng kuerz Paus anzeleeën an eréischt weiderzeschaffen, wann een erëm Energie dofir huet, well do eng ganz Klass op ee kuckt a waart.

Wärend den Enseignant senger Käraarbecht, dem Ënnerriichte nogeet, muss hie gläichzäiteg op d'Bedierfnesser vun der ganzer Klass agoen a sécherstellen, dass alleguer d'Schüler an d'Schülerinnen do ofgeholl ginn, wou se stinn, an hiren individuellen Usprécher entspriechen.

Den Erfolleg vum Unterrecht hänkt awer och staark vun der Kooperatiounsbereetschaft vun de Schülerinnen a Schüler of, déi net ëmmer garantéiert ass.




Dacks ass de Geräuschpegel héich, wat zu enger onroueger Atmosphär an der Klass féiere kann.

Dës an aner Facteuren, déi ech elo net am Detail ausféiere wëll, droen derzou bäi, dass vill Enseignanten ënner konstantem Stress stinn.

Dacks fält et hinnen och schwéier, doheem zur Rou ze kommen, well si hir beruflech Suergen a Problemer no der Schoul mat heem huelen an net ofschalte kënnen.

Wat kann een do also maachen, fir dat erëm an de Gréff ze kréien ?

Et soll een net vergiessen, dass d'Wuel vun den Enseignanten direkt mam Wuel vun eise Kanner verbonnen ass an domat och mat der Zukunft vun eisem Land.

Fir et mat de Wierder vum Dalai Lama ze soen: **« D'Kanner vun haut sinn d'Gesellschaft vu muer. »**

Eng Investitioun an d'Wuelbefanne vun den Enseignanten ass eng Investitioun an d'Bildung an an d'Zukunft vun eiser Gesellschaft.

D'Stäerkung vum Gemeinschaftsgefill ënnert de Kolleege kann hei Wonner wierken.

Reegelméisseg Teambuilding–Aktivitéiten an en oppenen Austausch förderen den Zesummenhalt an d'Zesummenaarbecht.

Och sollten den Enseignantë genuch Fräiraum gebuede ginn, fir innovativ Methoden am Cours auszeprobéieren an auszebauen.

D'Enseignantë mussen hir eege Kreativitéit a Perséinlechkeet mat abrénge kënne fir doduercher eng dynamesch Léieratmosphär ze schafen, déi souwuel d'Enseignantë wéi och d'Schüler inspiréiert.

Genau esou wichteg ass et, den Enseignantë Formatiounen an aner Méiglechkeeten unzebidden, déi si iwwert mental Gesondheet informéieren, déi d'Wuelbefannen an hir allgemeng Gesondheet stäerken, wéi zum Beispill Achtsamkeetsworkshops a Sport–Offeren.

Well de Beruff vum Enseignant, wéi gesot, immens stresseg an erausfuerderend ka sinn, wär et sënnvoll, psychologesche Support unzebidde fir déi Enseignanten, déi dat bräichten.

Et kéint een hinnen domadder hëllefen, besser mat de beruffleche Ufuerderungen ëmzegoen.

Präventiv Moossnamen zur Stressbewältegung an d'Férderung vu Resilienz sollten e feste Bestanddeel am Bildungssystem ginn.

Digital Ënnerstëtzung kéint déi administrativ Aarbecht, déi an de leschte Joren ëmmer méi zougeholl huet, erliichteren an och innovativ Méiglechkeete fir den Unterrecht bidden.

Dëst géif den Enseignantë méi Zäit ginn, sech op hir eigentlech Bildungsaarbecht ze konzentréieren.

Eng weider Propose vum SNE/CGFP ass den Asaz vun engem administrativen Agent, deen den Enseignanten an de Schoulkommitteeë bei der administrativer Aarbecht kéint ënnert d'Äerm gräifen.

D'Direktioune spillen eng wichteg Roll beim Wuelbefanne vun den Enseignanten.

Eng ënnerstëtzend an oppen Direktioun, ka wesentlech dozou bäidroen, e positiivt Aarbechtsëmfeld ze schafen.

Reegelméissege Feedback an d'Berücksichtegung vun den  individuelle Bedierfnesser vun den Enseignantë kéinten d'Aarbechtszefriddenheet vun dem Léierpersonal däitlech erhéijen.

Nieft den Direktiounen ass och eng konstruktiv Zesummenaarbecht mat den Elteren entscheedend.

D'Ënnerstëtzung an d'Wäertschätzung vun den Elteren droe wesentlech zu enger gudder Schoulatmosphär bäi.

Wann Enseignantë sech vun den Elteren ënnerstëtzt spieren an zesumme mat hinnen un engem Strang zéien, profitéiert dat net nëmmen de Kanner, mee huet och positiv Auswierkungen op d'Wuelbefanne vun den Enseignanten.

Wann déi Zesummenaarbecht awer net klappt, kann dat den Enseignant immens vill Energie kaschten an an extreme Fäll zu enger Belaaschtung féieren, déi net méi tragbar ass.

D'Moossnamen, déi en Faveur vum Wuelbefanne vun den Enseignantë geholl ginn, sollte sech net nëmmen op eenzel Persounen, déi a Schwieregkeete sinn, beschränken, mee missten déi ganz Schoulgemeinschaft mat abannen.

Op nationalem Niveau misst endlech och d'Gesondheet vun den Enseignanten an de Fokus vun der Bildungspolitik geréckelt ginn an d'Politik sollt méi oppe mat dëser Problematik ëmgoen.

Op laang Siicht bréngt et kengem eppes, dëst Thema net seriö ze huelen oder esouguer ze ignoréieren.

Eppes ass sécher : De Bien-être vun eisen Enseignanten ass kee Problem, deen een einfach a séier léise kann.

Dëse Sujet muss zu enger vun de politesche Prioritéite ginn, fir positiv Verännerungen ze bewierken.

D'Wuelbefanne vun den Enseignanten erfuerdert net nëmme politesch Aktiounen, mee eng gemeinsam Ustrengung vun alle Schoulacteuren, der Regierung, den Direktiounen, den Elteren an der ganzer Gesellschaft, fir en Ëmfeld ze schafen, an deem d'Enseignanten hir wichteg Aarbecht ënnert deene richtege Bedéngungen ausféiere kënnen an den néidege Respekt fir hir Leeschtunge kréien.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet an hoffen, dass mir zesumme Weeër fannen, fir de Bien-être vun eisen Enseignanten ze verbesseren.

Ech ginn d'Wuert elo weider un de Raoul Scholtes, President vun der FEDUSE-Enseignement/CGFP.

Patrick Remakel, President SNE/CGFP



Patrick Remakel,
President SNE/CGFP





# Rétrospective LuxDidac 2024


































LEARNING by DOING

Papeterie, Bastelbedarf, Pädagogesch Spiller
a Spillsaachen, Schoulausrüstung
(Didaktescht Material, Bicher, Miwwel, Sport-
a Musekekipement, Konschtbedarf, ...)



30, avenue François Clément
L-5612 Mondorf-les-Bains

+352 26 67 19 25
info@lbd.lu - www.learning-by-doing.lu

Méindes bis Freides vu 9 bis 12 Auer an13:30 bis 18 Auer


It's my bank too!
Et si vous choisissiez une banque qui valorise votre engagement ?
Chez Banque Raiffeisen, votre confiance est récompensée.
Grâce au programme de fidélité OPERA, cumulez dès le départ des points de fidélité et profitez de remises sur vos frais bancaires et bien plus encore...
Devenez client sur raiffeisen.lu
Nouveaux client profitez de notre offre de bienvenue !
Raiffeisen
La Banque qui appartient à ses membres


Wo steuern Sie hin?
Bausparen – Steuern sparen
Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651
Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.
BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu
BHW

## « Claudine Muno »



D'Claudine Muno schreift a mécht Musek. Fir hir Romaner « frigo » huet si 2004 de Prix Servais kritt, « Komm net kräischen » an « Dëst ass net däi Liewe » goufen 2016, respektiv 2023 mam Lëtzebuerger Buchpräis ausgezeechent. Mat de Bands « The Luna boots » a « Monophona » huet si divers Albumen opgeholl an ass zu Lëtzebuerg an am Ausland opgetrueden. Am Kader vum « Bistrot littéraire » proposéiert d'Claudine Muno kuerz Texter op Lëtzebuergesch a Solo-Songs.

## Bistrot littéraire « Claudine Muno: Text & Musek »

**Animatrice:** Claudine Muno

**Zilgrupp:** all Membere vun SNE an hir/e Conjoint/e; Prioritéit fir Memberen ab 55 Joer

**Dauer:** 90 min + X; während dem Spektakel offréiert den SNE d'Gedrénks an d'Tapas

**Datum:** Méindeg, den 11. November um 18h00

**Plaz:** « Bistrot littéraire Le Bovary », 1, rue Laroche, L-1918 Lëtzebuerg-Weimeschkierch (Bus: Ligne 4 / Parking 50m.)

**Zuel: max** 30 Persounen

**Umeldung:** events@sne.lu oder 48 11 18-1 **virum Méindeg, 28. Oktober um 16h00.**

(D'Participantë kréie per Mail eng Confirmatioun; eng Waardeléscht gëtt gefouert.)

Andeem ee sech fir dës Aktivitéit umellt, ass een automatesch averstanen, dass een op eng Foto am Bulletin oder op den elektronesche Säite vum SNE/CGFP ka gesi ginn.

# Atelier chocolat

An zum Schluss, fir Iech gléschtereg ze maachen:

### Atelier chocolat

Detailer doriwwer am nächste Bulletin oder per Infomail !

Mäi Choix
SNE syndicat national des enseignants cgfp
Newsletter

## Den SNE/CGFP invitéiert : Komm mat an de Kino!

Den SNE/CGFP invitéiert seng Memberen mat hire Kanner oder Enkelkanner an de Kino: ...VAIANA 2...

No der Virstellung kréien déi jonk Visiteuren eng Iwwerraschungstiitchen.

**Zilgrupp:** all Membere vum SNE/CGFP mat hire Kanner (ab 3 Joer)
De Film ass op Däitsch.

**Datum:** **Sonndes, den 1. Dezember 2024 um 14h00**

**Plaz:** KINEPOLIS KIRCHBERG

**Zuel:** limitéiert, déi éischt si vir.

**Präis:** gratis

### Umeldung: events@sne.lu

Bei der Reservatioun w.e.g. äre Numm uginn a wéi vill Erwuessener (1 oder 2) a Kanner derbäi sinn.

Dir kritt eng Bestätegung, datt Är Plaze reservéiert sinn.

D'Ticketen kritt dir op der Plaz.


Kommt w.e.g. 30 Minutten virun der Virstellung an de Kino.










EMILEFRISCH
Iwwerall ënnerwee
Autocars Emile Frisch
Tél. (+352) 49 61 51-1
www.emile-frisch.lu
info@emile-frisch.lu


renovation.lu
Handwierk aus Lëtzebuerg
Profitéiert vun der Sonn an dem gudde Wieder fir de Beräich baussen ronderëm d' Haus ze veränneren!
20 JOER
MADE IN LUXEMBOURG
288 308
www.renovation.lu


Babbelix
Authentesch Sproochentwécklung,
Kommunikatioun,
Reflexioun.
→ Vokabular üben
→ Aussprooch verbesseren
→ Sproochdiktater
→ Kollaborativ
→ Individuelle Portfolio
→ Evaluéierung
Sich net méi
No denge Wierder!
Ech traue mech, op Franséisch ze schwätzen! - Elia
Ech hu gemierkt, datt ech mech verbessert hunn! - Lynn
Ech freeë mech op main Exposé virun der Klass. - Julien
MADE IN LUXEMBOURG
babbelix.lu
Entwéckelt vun
EducDesign
am Optrag vum
SCRIPT
Verfügbar am App Store, Google Play & op app.babbelix.lu
Login via IAM


5K
Tableau interactif
Speechi
Existe en
75"/86"/105"
L'impression d'écrire comme sur du papier
avec tous les avantages du numérique.
› Écriture et dessin directement sur l'écran
› Utilisation intuitive
› Précision et réactivité de l'écran
› Cours animés et créatifs
› Logiciels de présentation et d'annotation inclus
CK Office technologies
by Charles Kieffer Group
Audiovisuel - Impressions
Scanning - Finitions de documents
Solutions - I.T. - Digitalisation
Document Process Outsourcing
Services personnalisés
Charles Kieffer Group
ck.lu


AudioVisual
Concepts
We Are Providing
Solution for
Education System
Learn, Engage, Inspire
Crafting your audiovisual experience !
Business concept
Whiteboards
BOYD (Bring Your Own Device)
Interactive Flat touchscreens
Document camera
TV screen
Projectors for education
Flipchart
We work with
OPTOMA / EPSON / AIRSERVER /
CHAMELEONWRITING / SMIT-VISUAL
AudioVisualConcepts
24, Z.A.C. Klengbousbierg
L-7795 Bissen
Tel: +352.28.80.89-305
Email: contact@audiovisual.lu
web: www.audiovisual.lu


sne éditions
Nous imprimons
pour vous en
offset & digital
- Matériel didactique
- Layout
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite /
Cartes de remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c et dos carré collé)
- Roll-up
- Mise sous enveloppes / Publipostage
- Mise sous plastique
- Pelliculage mat et brillant
www.sne.lu • shop@sne.lu





**Méi séier informéiert**

Suivéiert
d'CGFP op **Twitter**

**@Cgfp_lu**







# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum

**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits, n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.
Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas nécessairement l'avis du syndicat.

Mäi Choix

syndicat national des enseignants cgfp

syndicat national des enseignants cgfp
Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants
11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56

## Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
dpo@sne.lu

### Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom .................... Prénom .................... Date de naissance ....................

Fonction ( cf tableau en bas de page ) .................... Promotion (année) .................... Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ....................

Commune / Localité de travail .................... Nom de l'école ....................

**Domicile :** Numéro .......... Rue .......... Code postal .......... Localité ..........

Adresse électronique .................... Téléphone / gsm ....................

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom .................... Date de naissance .................... Catégorie : cf tableau ci-contre ....................

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ....................

auprès de CCP / établissement bancaire ....................

Date ....................

Signature ....................

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2024 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | cotisations SNE + CGFP = Total | par mois | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | 130 € + 50 € **= 180 €** | **15 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>**= 334 €** | **15 €**<br>**12,83 €**<br>**27,83 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 130 € + 50 € **= 180 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €**<br>104 € + 50 € **= 154 €** | | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | **0 €** | | --- |
| Cat. R | Membre retraité:<br>Ménage de 2 membres affiliés: | 50 € + 35 € **= 85 €**<br>85 € + 85 € **= 170 €** | **7,08 €** | ---<br>--- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE


ernster
l'esprit livre
ERNSTER
Familjenbetrieb
sait
135 Joer!
MORE THAN BOOKS
A LONG TRADITION
order@ernster.com | +352 22 50 77 1 | www.ernster.com




| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
|---|---|
| Envois non distribuables à retourner à: L-3290 BETTEMBOURG | Port payé PS/161 |